N° 7646
Entrée le 22.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.02.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Digitalisatioun weiderzeleeden.

Zënter „ChatGPT" vum amerikanesche Startup „OpenAI" eng Partie Exame vun engem Droit-Studium an den USA gepackt huet, ass déi sougenannte kënschtlech Intelligenz mat hire méiglechen Auswierkungen op den Alldag vun de Leit och zu Lëtzebuerg en Theema.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Minister fir Digitalisatioun riichten:

- Wéi positionéiert sech d'Regierung par Rapport zu sougenannte kënschtlechen Intelligenzen?
- Ass d'Regierung der Meenung, dass eng Reguléierung vun der kënschtlecher Intelligenz noutwenneg ass?
    - Wa jo, wéi wëll d'Regierung sou eng Reguléierung ugoen?
    - Wann net, firwat net?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

| | |
|---|---|
| Marc Spautz | Diane Adehm |
| Deputéierten | Deputéiert |

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu